ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Déi 24. Weltklimakonferenz am polnesche Katowice hat als prioritär Zilsetzung, déi technesch Dispositiounen an Ëmsetzungsmechanisme vun där 2015 zu Paräis opgestallter Klimakonventioun ze definéieren. Lëtzebuerg war bei dëser Konferenz vertrueden duerch S.K.A. de Groussherzog, deen och d'Wuert ergraff huet, an d'Madamm Ëmweltminister.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Premierminister an der Madamm Ëmweltminister dës Froe stellen:

1) Wéi vill Staatscheffe vu Memberstaaten aus der Europäescher Unioun ware bei der 24. Weltklimakonferenz (COP) vertrueden a wéi vill vun hinnen hu sech mat enger Ried un d'Konferenz geriicht?
2) Gesäit d'Regierung et als opportun un, datt de Groussherzog op enger Konferenz präsent ass, déi technescher Natur ass? Gëtt d'Funktioun vum Staatschef doduerch net ofgewäert?
3) Wat fir eng Kritäre gesäit d'Regierung vir, fir S.K.A. dem Groussherzog ze proposéieren, op internationale Konferenze präsent ze sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten